LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7149 vum Här Deputéierten Marc Goergen iwwert de Congé parental am Fall vum Doud vun engem Kand.**

Zanter 2016 sinn 191 Demande fir de Congé parental, déi accordéiert gi waren, klasséiert gi well d'Kand leider verstuerwen ass; dës tragesch Fäll si Situatioune wou d'Mamm eng fausse Couche gemaach huet, d'Kand doud gebuer ginn ass oder wou d'Kand virum Ufank vum Congé parental verscheet ass.

Zanter 2016 ass an 9 Fäll de Congé parental, deen accordéiert gi war, ënnerbrach ginn, well d'Kand verstuerwen ass.

D'Zukunftskeess huet keng informatesch Méiglechkeet dës Donnéeë virun 2016 ze liwweren.

Lëtzebuerg, den 24.11.2022

D' Ministesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen